piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 05/05/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Finanzen weiderzeleeden.**

An der Nofolleg vun der Entdeckung vu syntheetesche Cannabinoiden an engem CBD-Buttek an der Stad Lëtzebuerg – wou e Produit ënner der Bezeechnung „Silver Haze THCA" souguer iwwer en Automat verkaaft gouf – stellen sech Froen iwwert déi konkret Organisatioun vun de Kontrollprozeduren, d'personell Ressourcen an d'Roll vun der Douane beim Importkontroll vun dëse Produkter.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi laang dauert et am Duerchschnëtt tëscht dem Agoen enger Meldung (z. B. vun engem Testservice wéi Pipapo, vun der Police oder vu Privatpersounen) an enger effektiver Visite-Kontroll vun engem CBD-Verkafspunkt

2. Wéi vill Agente stinn dem Service Santé aktuell zur Verfügung, fir Kontrollen a CBD-Butteker a anere verwandten Verkafspunkten duerchzeféieren, a gi speziell Agente fir dësen Aufgabeberäich agesat?

3. Gëtt et e formaliséierte Protokoll fir d'Weiderleede vun Informatiounen tëscht Drug-Testing-Servicer, dem Service Santé an den zoustännegen Autoritéiten, wann an Testprouwen illegal Substanzen entdeckt ginn? Wa jo, wéi ass dësen Oflaf konkret?

4. Kann de Service Santé Produkter op der Plaz beschlagnamen a Verkafspunkten direkt schléissen, wann illegal Substanzen entdeckt ginn, oder brauch et dofir d'Interventioun vun aneren Autoritéiten?

5. Wéi ginn CBD-Produiten, déi op Lëtzebuerg importéiert ginn, vun der Douane op hiren THC-, THCA- oder syntheetesch-Cannabinoid-Gehalt kontrolléiert, a mat wéi enger Frequenz ginn dës

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Analysen duerchgefouert?

6. Gi CBD-Produkter, déi aus Drëttlänner importéiert ginn, systematesch op d'Präsenz vu syntheetesche Cannabinoide getest, oder nëmme bei konkretem Verdacht?

7. Gëtt et eng strukturéiert Informatiounsweidergab tëscht der lëtzebuergescher Douane an den Douanesautoritéiten vun den Nopeschlänner, speziell betreffend nei identifizéiert syntheetesch Cannabinoiden am grenziwwerschreidende Wuereverkéier?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten